



An dat wier och vläicht e gudder Moment, Här Turpel, dass mer dann net nëmme géifen iwwert déi eng oder déi aner Kläranlag schwätzen, mä wann de Rapport vun der Cour des Comptes wierklech do ass an dee kontradiktoreschen Hin an Hier tëschent de Ministère fäerdeg ass, géif ech proposéieren, dass mer dann nach eng Kéier an der Ëmweltkommissioun generell iwwert déi ganz Problematik schwätzen, firwat et ëmmer erëm an deem Beräich zu Retarde kënnt.

An da kann ee jo och spezifesch iwwert déi zwou Kläranlagen, déi Dir spezifesch opgeworf hutt, kann een da gären och nach méi an den Detail goen. Ech kennen awer, wéi gesot, deen Inhalt nach net. Wann déi Prozedur ofgelaf ass, da wäerte mer eis eng Kéier bei lech mellen.

Mä, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et geet jo net nëmmeëm d'Suen! Et ass elo schrecklech vill iwwert d'Sue geschwat ginn, déi mer musse bezuelen. Ech wier frou gewiescht, wa mer grad esou vill iwwert den Ëmweltschued, deen hannert deene Sue steet, géife schwätzen.

Well Bréssel veruerteelt eis jo net, well et hinnen op eemol agefall ass '91, et misst ee Kläranlage bauen. Mä mir gi veruerteelt, well mer d'Kläranlagen net konform hunn, well mer d'Flëss an engem katastrophalen Zoustand loossen! An ech mengen, dat ass eigentlech nach vill méi schlëmm, wéi déi Suen, déi mer mussen op Bréssel bezuelen.

Ech kéint elo hei probéieren, e laangen Exkurs ze maachen, wéisou mer 22 Joer no der Kläranlagendirektiv nach ëmmer net konform sinn. Dat géif meng Zäit sprengen. Ech mengen awer och, och bei aller Pertinenz, eng gewësse Vergaangenheetsbewältigung ze maachen. Mir wëllen awer als nei Regierung an deem Dossier hei virun allem no vir kucken. Dat ass elo dat, wat fir eis zielt.

Dir erlaabt mer awer trotzdem, eng Rei allgemeng Bemerkungen zu den Ursachen vun dëser bedauerlecher Situatioun ze maachen. An ech géif ganz gäre vläicht bei där enger oder anerer Ursach e Verglach maache mat engem anere Beräich aus der Ëmweltpolitik, deen ech speziell gutt kennen, mä vill vun lech och, dat ass d'Offallpolitik.

Dir hutt nach ni héieren, dass mer an der Offallpolitik e Problem hate mat der Ëmsetzung vun europäeschen Direktiven! Jo, ganz oft kënne mer als Lëtzebuerg souguer soen: „Mä do si mer scho ganz gutt!“

Dir hutt vläicht matkritt, dass déi nei Ëmweltministesch fir d'Éischt op Bréssel war, an do war déi Direktiv ënnerwee mat de Plastikstuten, fir déi vläicht ze reduzéieren an Europa. Du konnt se ganz houfreg sinn - dat ass elo net hire Mérite an net där neier Regierung hire Mérite gewiescht, mä deene vu virdrun - a soen: „Mä dat, wat Dir hei wëllt maachen, dat ass zu Lëtzebuerg längst de Fall. Mir hu praktesch d'Plastikstuten an de klengen a groussen Épicerien ëm 90% reduzéiert.“

Ech ginn lech aus mengen Aen, aus menger Analys e puer Ursachen, firwat mer an déi bedauerlech Situatioun komm sinn:

Déi éischt ass, dass déi jeeeweileg Regierungen, wéi déi Direktiv komm ass, net derfir gesuergt hunn, dass déi néideg Strukturen en place gesat gi sinn. Et ass hei gesot ginn: „Dat si Milliardeng Ausgaben, esou Kläranlagen, Kollektoren! An de Gros vun deene Gemenge sinn iwwerfuert.“ An et huet éischters éiweg gedauert, bis déi Syndikater en place waren. A souguer haut, an dat ass och schonn erwähnt ginn, gëtt et nach ëmmer wäiss Flecken op der Landkaart!

Wann ech do den Offallberäich huelen, 1981, wou déi éischt Direktiv komm ass vu Bréssel, war den deemolegen, e war nach net Ëmweltminister, mä de Précurseur am Ëmweltberäich, de Josy Barthel, ass higaangen an huet direkt Drock op d'Gemenge gemaach. En huet gesot: „Dir musst elo all Är Tippen zoumaachen. A wann Dir net an e puer Joer an engem Offallsyndikat sidd, da kritt Der eng ganz Rei Subsidien net méi gemaach!“ Ech mengen, dat war méi eng wäitsichteg an och méi eng contraingnant Politik.

Zweetens, léif Kolleeginnen a Kolleegen, hu mer déi richteg Präisser net verrecht am Ofwaasserberäich. Et huet bis 2008 gedauert, bis an deem Land hei, wou d'Nopeschlänner scho längst käschendeckend Präisser am Waasser, am Ofwaasserberäich haten, bis iwwerhaupt iwwer käschendeckend Präisser geschwat ginn ass! A well dat Waasser an dat Ofwaasser jo och näischt kascht huet, oder mer hu gemengt, et géif näischt kaschten, war et keen Thema bei de Gemengen a bei de Gemengesyndikater.

An op där anerer Säit war et och schwierig, an de Gast Gibéryen huet dat gesot, besonnesch fir kleng Gemengen, iwwerhaupt esou Projeten unzegoen. Well souguer déi 10%, déi d'Gemengen hu misse bréngen, hu se, well mer keng käschendeckend Ofwaassertaxen haten, praktesch alles „en apport en capital“ misse bréngen aus hirem normale Budget, wat déi meescht dann och iwwerfuert huet.

Och do kann ech awer vergläiche mam Offallberäich. Do gëtt et schonn, zumindest an eenzelne Syndikater, zënter den 90er Jore käschendeckend Präisser fir déi grouss. An domadder sinn déi grouss Infrastrukture finanziert ginn.

Ech kann lech e Beispill aus mengem fréiere Liewen als President vum SIEC hei zitieren: Déi ganz Deponie, déi ganz Infrastrukture fir 55 Gemengen, do si 40 Milliounen Euro investiert ginn. Wësst Der, dass do net eng Gemeng een Euro „apport en capital“ huet misse bréngen? Firwat? Mä well mer zënter den 90er Jore käschendeckend Taxe gefrot hunn, domadder Reserven ugeluecht hunn an domadder och konnten déi néideg Infrastrukture finanzéieren, fir konform ze sinn zu deene jeeeweilegen EU-Direktiven, déi komm sinn!

Dat klängt dann heiansdo am Ufank, wéi wann dat méi deier wier fir d'Bierger an d'Biergerinnen. Haut gesi mer, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dass dat hei vill méi deier gëtt an dass mer hei onnëtz Geld op Bréssel mussen iwwerweisen.

Drëtt Ursach: Mir hunn de Pollueur-payeur net seriö ugewannt. An ech bedauern, dass bei der Loi-cadre 2008 eng politesch Décisioun geholl ginn ass, d'Taxes de rejet, déi d'Gemengen un de Stat mussen offéieren, fir all Gemeng d'selwecht ze maachen, wat eigentlech pervers ass. Dat heescht, déi Gemengen, déi keng Kläranlagen hunn, hu vill manner Fraisen, brauchen awer net méi eng héich Taxe de rejet un de Stat ofzeféieren. Et ass eigentlech paradox.

Dat huet deemools bei där Majoritéit kee Konsens fonnt. Ech fannen dat net gutt, well domat huet d'Regierung, léif Kolleeginnen a Kolleegen, sech praktesch all Drockmëttel geholl, fir par rapport zu de Gemengen an de Gemengesyndikater Drock auszeüben.

Véiertens, an dat ass scho gesot ginn, ech stinn och dozou, hunn och zu deene gehéiert, déi dat deemools scho propheet hunn, dass et e Feeler war, d'Waasser an d'Kompetenz vum Innenministère ze setzen. Dat huet emol näischt mat deene jeeeweilege Persounen ze dinn, déi do an deem Ministère waren, mä dat war strukturell ganz einfach e Feeler.

A fënneftens an net déi lescht Ursach, ass en typescht Beispill, wéi an der Vergaangenheet d'Reksäit vun der Wuesstumsmedail net considéiert ginn ass. Wann een all Joers Dausenden Aarbechtsplaze schafft a wann all Joers Dausenden nei Leit op Lëtzebuerg kommen, dann därer ee sech net nëmme freeën iwwert déi zousätzlech Steiere fir de Stat, déi supplémentaire Cotisations fir d'Kranken- a Pensionskeenen, neen, da muss een och Crèche bauen, Schoule plangen a Kläranlagen eventuell vergréisseren!

An, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dës Regierung huet sech fest virgehall, an dësem Kontext eng Rei Saachen ze verbesseren. De Koalitionsprogramm ass schonn ugeschwat ginn. Mir hu ganz kloer an och unanime décidéiert, d'Waasser erëm dohin ze bréngen, wou et higeheiert, nämlech an den Ëmweltministère. An ech kann den Här Graas berouegen: Net méi spët wéi d'lescht Woch, wéi déi eenzel Direktiounen vun der Verwaltung bei eis komm sinn op de Kierchberg, hu mer de Problem ugeschwat, fir ze soen, et kann elo net sinn, dass dräi verschidden Acteure bei d'Gemenge ginn an ënnerschiddlech Konzepter hunn, fir Baachen a Flëss ze renaturéieren.

Do ass eng Kéier d'Natur- a Bëscherwaltung; do ass awer och eng Kéier d'Waasserverwaltung an heiansdo sinn dann och nach d'SICONAen, déi bei d'Gemenge ginn, an deemno wéi sinn do dräi verschidde Konzepter. Si hunn e kloren Opdrag kritt, prioritär derfir ze suergen, dass deemnächst eng kloer Vue ass, wat eng Renaturéierung vun enger Baach bedeit. An dat soll och esou séier wéi méiglech koordinéiert ginn, dass esou ënnerschiddlech Approchen net méi virkommen.

Zweetens, wat mer wëllen änneren: Mir wëllen, dat hutt Der matkritt am Koalitionsaccord, e generell Nohaltegkeetscheck aféiere bei gréisseren Projete vun der Regierung, fir dass eben och d'Reksäit vun der Medail vun een-

zelne Projete gekuckt gëtt, an net nëmme gekuckt gëtt, wat vu Steieren a Cotisationsen erakëent, mä wat dann och eventuell negativ Effeten op d'Ëmwelt an aner Beräicher am Statsbudget sinn.

Drëttens wëlle mer derfir suergen, an ech freeë mech all Dag, wann ech d'Rapporte vun de Gemenge liesen, dass awer lues a lues erkannt gëtt, dass et éischters méiglech ass, dass et kee Biergerkrich an enger Gemeng gëtt, wann ee käschendeckend Taxen aféiert, an dass zweetens genau domadder déi Suen an de Gemengebudget flëssen, fir dann och déi Dépense fir Kollektoren a Kläranlagen ze maachen. An dofir wäerte mir och derfir suergen, dass den harmoniséierte Waasserpräis, mengen ech, dee korrekt ass, net méi héich ass wéi siwen Euro fir d'ganzt Land. Do ass jo schonn deene ländleche Raim Rücksicht gedroe ginn, mengen ech, an do wëlle mer och derfir suergen, dass dee lues a lues iwwerall agefouert gëtt.

A véiertens, an domat kann ech och op e puer Froen äntworten: Et steet och am Koalitionsaccord, dass mer eng Diskussioun als Regierung wëlle féiere mat de Gemengesyndikater, fir da genee och emol eng Kéier d'Kompetenzen tëschent dem Ministère, tëschent der Waasserverwaltung an de Syndikater ze féieren. Mir mussen évitieren, an Zäite vu knappe Keezen, dass mer do double emploi maachen. An an deem Kontext wäerte mer och da mat deene Gemenge schwätzen, déi elo nach als wäisse Fleck op där Ofwaasserkaart sinn. An ech hoffen, dass mer och do eng Entente fanen, fir dass déi och an deen een oder deen anerem Ofwaassersyndikat wäerte goen.

A fënneftens: Wa mer net vun der Plaz kéimen, dann, mengen ech, misst een och kënnen nodenken, ob een déi Taxe de rejet, déi un de Verschmutzungsgrad de Moment net gebonnen ass, ob een net esou wäit sollt higoen an d'Gesetz erëm änneren an derfir suergen, dass, wa Gemenge wierklech do wäeren, wou manifestement Blocage wäeren, dass een do géif higoen a wierklech erëm d'Welt op d'Féiss stellen an dass déijéineg méi eng héich Taxe de rejet misste bezuelen, wéi déi, déi hir Hausaufgabe gemaach hunn an deenen hir Kläranlage konform sinn.

Domat, Här President, menge mer am Beräich Ofwaassergestioun endlech zu definitiven an nohaltege Léisungen ze kommen.

Mä mengt awer net, léif Kolleeginnen a Kolleegen, domat wiere mer am Waasserberäich iwwert de Bierg! Nach laang net! Ech wëll lech soen, dass bei enger zweeter Direktiv, déi och vun '91 ass, nämlech déi iwwert d'Nitrater, eng zweet Saisine ass vun der Kommissioun. A mer riskéieren och do veruerteelt ze ginn! An dofir hu mer och do elo alles an d'Wee geleet, an net méi spët wéi muer de Moien ass e Règlement grand-ducal oder en Avant-projet de règlement grand-ducal am Regierungsrot. An ech hoffen, dass domadder endlech d'Kommissioun Rou gëtt, well soss blitt eis, an deem Kontext, datselwecht!

An och bei der Waasserdirektiv huet eng vun den Ursachen dofir, dass nëmme 7% vun de Baachen a Flëss, de Moment, an engem gudden Zoustand sinn, och mat den Nitrater, mat der Auswäschung vun der Landwirtschaft ze dinn. An deen neie Landwirtschaftsminister a mir als Ëmweltministère wäerten alles drusetzen, an deem do Beräich op jidde Fall, dass eisen Nokommen net deeselwechte Misär blitt an do vläicht nach méi massiv Strofe misste bezuelt ginn.

Op jidde Fall, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Merci villmools fir Är Diligence. A mir si frou, dass mer, wann dat Gesetz hei unanime gestëmmt gëtt, scho muer kënnen de Communiqué op Bréssel schécken, fir ze soen, dass mer alles wäerten drusetzen, fir, no 22 Joer, esou séier wéi méiglech mat där Direktiv do konform ze sinn.

Merci villmools.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci och dem Statssekretär Camille Gira. Ech hunn nach eng Wuertmeldung.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).**- Parole après ministre. Kann ech...

► **M. le Président.**- Jo.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).**- Kann ech eng Prezisioun kréien zu der Fro vum Amortissement respektiv zum Käschendeckungspräis, wat d'Subventionen ugeet, ob se do mat dra sinn oder net?

Merci.

► **M. Camille Gira, Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures.**- Also, ech kann lech keng Äntwert ginn op déi Problematik vum Amortissement. Do si scho mam Virgänger, am Intérieur, Diskussiounen gelaf mat den Ofwaassersyndikater. Gitt eis eng Chance. Mir sinn, mengen ech, elo aacht oder zéng Deeg do. Dee Problem wäerte mer ugoen. An ech hoffen, dass, wa mer eng Kéier iwwert dee Rapport vun der Cour des Comptes schwätzen, dass mer do scho weider sinn an lech konkret Äntwerte kënne ginn.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci. Domat si mer um Enn vun eiser Diskussioun ukomm a mer ginn zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6580 iwwer.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6580 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. D'Procuratiounen.

De Vote ass ofgeschloss an de Projet de loi 6580 ass unanime mat 60 Jo-Stëmme ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Nancy Arendt), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker, Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Claude Wiseler);

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beisel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusti Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser (par M. Gast Gibéryen) et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Nächste Punkt vum Ordre du jour ass d'Diskussioun vum Projet de loi 6594, eng Ofännerung vum Code du Travail. Den Här Georges Engel ass Rapporteur. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

7. 6594 - Projet de loi portant modification

1. de l'article L. 122-10 du Code du Travail;

2. de l'article 1er de la loi modifiée du 3 août 2010

1) portant introduction de diverses mesures temporaires visant à promouvoir l'emploi et à adapter les modalités d'indemnisation de chômage et complétant ou dérogeant à certaines dispositions du Code du Travail;

2) modifiant les articles L. 513-3, L. 521-7 et L. 523-1 du Code du Travail;

3) modifiant la loi modifiée du 17 février 2009 portant:

1. modification de l'article L. 511-12 du Code du Travail;

2. dérogation, pour l'année 2009, aux dispositions des articles L. 511-5, L. 511-7 et L. 511-12 du Code du Travail;

3. des articles 2 et 3 de la loi modifiée du 17 février 2009 portant

**1. modification de l'article L. 511-12 du Code du Travail;****2. dérogation, pour l'année 2009, aux dispositions des articles L. 511-5, L. 511-7 et L. 511-12 du Code du Travail****Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale**

► **M. Georges Engel (LSAP), rapporteur.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Merci der Kommissioun fir d'Versteesdemech fir dat séiert Aberuffe vun enger Sitzung an och, datt se mech Rapporteur gemaach huet vun deem Projet de loi, deen de Minister Nicolas Schmit den 19. Juli 2013 déposiert huet. Et leien Avise vir vun der Chambre des Salariés, vun der Chambre de Commerce, vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés Publics an natierlech och vum Statsrot. De Projet de loi gouf duerch en Amendement gouvernemental eng zweete Kéier vum Statsrot aviséiert.

D'Gesetz, iwwert dat mer haut ofstëmmen, huet eng gewëssen Urgence, well mer soss ab dem 1. Januar an e Vide juridique kéinte falen. Et besteet aus zwee Voleten.

Deen éischte Volet handelt ëm den Artikel L. 122-10 vum Code du Travail. Dee soll dem Avis motivé vun der Europäescher Kommissioun Rechnung droen, laut deem Lëtzebuerg d'Direktiv 1999/70 net vollstänneg ëmgesat huet.

An deem Sënn gëtt een Abschnitt bäigesat. Dëse féiert eng Obligation d'information vun alle Salariéen an, déi e befristeten Aarbechtskontrakt - also en CDD - hunn, am Fall wou de Betrib e Poste mat engem onbefristete Kontrakt géif fräimaachen oder dee géif fräiginn.

De Statsrot ass ausserdeem der Meenung, datt Lëtzebuerg déiselwecht Direktiv nëmmen zum Deel ëmgesat huet, well et hei keng anstänneg Protektioun vun de Salariée géigeniwwer ze heefegen Erneierunge vun CDDe gëtt.

Et geet hei haaptsächlech ëm d'Professeren an d'Chercheuren vun der Uni an déi Leit, déi am Beräich vun dem Art du spectacle schaffen. D'parlamentaresch Kommissioun weist hei op eng Prise de position vun der leschter Regierung hin, déi dës un d'EU-Kommissioun adresséiert hat. Do stoung dran, dass eng abusiv an heefeg Uwendung vun den CDDen fir Enseignants et Chercheurs an der Uni ausgeschloss wier, well se just en CDD mat enger Maximaldauer vu 60 Méint kënnen kréien. Do sinn d'Verlängerungen dann inclus. Dëst entsprécht iwwregens och dem Wonsch vu ville Chercheuren, wou et Usus u sech ass, datt si sech just fir eng bestëmmten an zäitlech begrenzten Zäit an enger Uni engagieren.

Wat d'Intermittents du spectacle ugeet, sou huet d'Regierung drop higewisen, datt et am Secteur duerch d'Natur vum Beruff dozou gehéiert, en CDD ze kréien, well d'Engagement bal ëmmer temporärer Natur sinn. Ausserdeem sinn am Gesetz iwwert de Statut vum Artist, deem neie Gesetz, eng Rei vu Mesures sociales virgesinn, notament, dass se méi séier Zougang zum Chômage kréichen.

Deen zweete Volet vun deem virleiende Gesetzestext betrëfft d'Verlängerung vu verschiddeenen temporäre Moosnamen am Aarbechtsrecht. Dës sollen Enn Dezember dëst Joer auslafen a ginn duerch deen heite virleiende Gesetzestext bis den 31. Dezember 2015 verlängert. Et handelt sech ëm Dispositiounen zu der Indemnisation du chômage complet an der Indemnisation vum Chômage partiel.

Dës Moosname sinn an der Kris agefouert ginn am Gesetz vum 17. Februar 2009 an haten als kloer Zilsetzung, d'Beschäftegung ze erhalen an d'Betriben ze ënnerstëtzen. An d'Zréckgräifen op d'Kuerzaarbecht huet sech hei als e ganz effikasse Moya erweisen, fir Massentloossungen ze verhënneren an och weider op forméiert Personal kënnen ze zielen.

Dës temporär Moosname sollen auslafen, sou bal d'Wirtschaft nees unzitt, mä si hunn iwwert déi lescht Joren awer nach missen e puermol verlängert ginn. Och wann déi lescht Previsioun vum Statec no enger Croissance vun zirka 2,7% am Joer fir 2014 ausgesinn, sou gëllt et awer hei virsiichteg ze sinn, well Enn November hunn nach 41 Betriben eng Demande op Kuerzaarbecht gestallt, wat weist, datt ver-

schidde Betriben nach ëmmer Schwieeregkeeten hunn.

Well d'Wirtschaft nach net esou richteg dréit, sollen dës Krisemoosnamen hei nach eemol ëm zwee Joer verlängert ginn, bis den 31. Dezember 2015.

Hei gouf et och eng Partie Kritike wéinst dëse Verlängerungen. De Statsrot huet Bedenken, wat eng weider Verlängerung vun deene Moosnamen ugeet, ausgedréckt. En huet virgeschloen, d'Dispositioun direkt vum Code du Travail ze änneren, quitte datt een dann am Fall, wou d'Wirtschaft erëm unzitt, op déi viregt méi restriktiv Mesuren zréckkomme soll.

Do muss een ënnersträichen, datt d'Commission du Travail et de l'Emploi d'Regierung scho gefrot hat, am Gesetz vum 31. Juli 2012 eng aner Léisung amplaz déi konstant Verlängerungen ze fannen an och eng Analys vun de Käschten a vun der Effikassitéit vun dëse Moosnamen ze maachen. Déi politesch Revirementer awer vun deene leschte Méint hunn dës Analys net méiglech gemaach, an esou huet eng séier Léisung misse fonnt ginn. Fir elo eben e Vide juridique ze verhënneren, ass also ausgemaach ginn, eng allerlescht, eng ultime Verlängerung zu deene Moosnamen ze maachen.

Hei ass e Gesetz, wat am Intérêt vun der Leit awierkt, déi an engem Betrib schaffen, deen duerch déi wirtschaftlech Situatioun hei am Land Schwieeregkeeten huet. Et wierkt géint Massentloossungen an erlaabt et och weiderhin, op gutt forméiert Personal zréckzegräifen.

An der Kommissioun war eng breet Majoritéit fir dëse Projet de loi, et gouf eng Abstentioun.

Haut ass och nach eng Dépêche erausgaangen un de President vum Conseil d'État. Ech wollt lech dat dofir och soen, dass et an deem Text eng Erreur matérielle gëtt, déi sech vun Ufank un an den Text geschlach hat, déi weder der Kommissioun nach dem Statsrot opgefall war, a wou dann am Artikel 3 en „Éischten“ gefeelt huet. Et ass en „Zweeten“ dran an den „Éischten“ huet awer gefeelt. An ech wollt lech dat richtigkeetshallwer dann och matdeelen. Mä et ännert näischt un der Essenz vun deem Gesetz.

Ech ginn domadder den Accord vun der sozialistescher Fraktioun, bidden lech, dat Gesetz hei matzestëmmen, a soen lech och Merci fir d'Nolauschteren.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Rapporteur. Éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Serge Wilmes. Här Wilmes, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Serge Wilmes (CSV).** - Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, mir hunn hei e Modell 1 ausgewielt. Ech wäert dann also als CSV-Vertrieder 33 Minutten hunn, fir kënnen elo zu deem Projet hei ze schwätzen, brauch déi awer net, well et éischten nach e Projet ass, dee mer am Joer virdrun als Regierung erabruecht hunn. Mir stinn och zu deem Projet, well e wichteg Mesurë beinhalt, fir ebe kënnen grad a schwéiere wirtschaftlechen Zäiten den Aarbechter méi Rechter ze ginn an hinne, de Betriben, méi Sécherheet och ze ginn. Datt mer also kënnen géint de Chômage hei kämpfen.

Zweetens och, well et e grouse Konsens gëtt an der Kommissioun fir deen heite Projet, dass mer also eis eens sinn, datt e wichteg ass. An drëtten, well de Rapporteur, de Georges Engel, och elo schonn alles in extenso hei beschriwwen huet, ëm wat et hei geet, an ech em villmools Merci soen och fir dee Rapport, deen e gemaach huet, souwuel dee schrëftleche wéi dee mëndlechen.

Deen eenzege Bémol, an dat huet de Georges Engel jo och bruecht, ass dee vum Statsrot, deen ebe gesot huet, datt et effektiv net gutt ass, ëmmer erëm mat temporäre Mesuren ze kommen, aus engem juristesche Grond, well eben eng gewësse Sécurité juridique domadder net ginn ass. Mä op där anerer Säit versteet een awer och, firwat dat gemaach ginn ass vun der Regierung. Well et drëms geet, ebe fir elo an onsécheren Zäiten de Betriben d'Méiglechkeet ze ginn, awer kënnen hir Leit ze halen an net ze entloossen.

Bon, mir waren eis an der Kommissioun eens, datt mer géifen eben elo nach eng Kéier dat akzeptieren, a mir gi mat op de Wee, déi nei Regierung och ze encouragéieren, ze kucken, ob et dann do eng Méiglechkeet gëtt, fir an Zukunft vläicht e bësse méi dann eng Mesure ze fannen, déi méi Rechtssécherheet verschafft.

Also dat ass deen eenzege Wonsch, dee mer da géife mat op de Wee ginn. Fir soss soen ech dann den Accord vun der CSV-Fraktioun zu deem heite Projet.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Wilmes. Nächst Riednerin ass d'Joëlle Elvinger vun der DP. Madame Elvinger, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Joëlle Elvinger (DP).** - Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, et ass scho bal eng Traditioun, eng dach éischter bedauerlech Traditioun, dass mir zënter 2009 regelméisseg Joer fir Joer de Code du Travail ëmänneren, fir zäitlech begrenzte Mesurë géint de Chômage ze verlängeren oder auszedehe respektiv nei Mesuren ze schafen. Et ass alles aneschtens wéi eng flott Traditioun, well et sech ëm Mesuren handelt, déi versichen, d'Effete vun der Kris ofzufiedere, déi eist Land nach ëmmer am Grëff huet.

Fir eis als Demokratesch Partei ass et selbstverständlech, dass mir nach eemol Moosnamen, déi dozou bäidroen sollen, de Betriben, déi a Branchë schaffen, déi vun der Kris zolidd geréist goufen a vum Chômage partiel betraff sinn, finanziell ënnert d'Äerm ze gräifen, zoustëmmen. Dofir si mir bereet, nach eemol der Verlängerung vun dëse Krisemoosnamen zoustëmmen. Domat konnten an der Vergaangenheet a kënnen och an Zukunft Aarbechtsplazen zu Lëtzebuerg erhalen ginn.

Dat Gesetz, dat mir haut stëmmen wäerten, verlängert jo fir zwee Joer, wéi ech schonn gesot hunn, ënner anerem eng ganz Partie Mesuren, déi schonn an de Joren 2009, 2010, 2011 an 2012 gestëmmt gi waren. Ech wëll elo net nach eng Kéier op all déi eenzel Mesuren agoen, well dat gouf an der Vergaangenheet scho genuch gemaach. Ausserdeem huet dat de Rapporteur Georges Engel och schonn a sengem exzellente mëndlechen a schrëftleche Rapport gemaach, fir dee mir him villmools Merci soen.

Ech wëll awer och drop hiweisen, dass dës Mesuren eppes kaschten! An der Fiche financière, déi mam Projet de loi déposiert ginn ass, ass vun 28,5 Milliounen Rieds fir d'Joer 2012 a vun 30 Milliounen fir d'Joer 2013. Den Erhalt vun Aarbechtsplazen ass net zum Nulltarif ze kréien. Op deem Wee sinn d'Suen awer besser investéiert, wéi an all Mesures pour l'emploi.

Här President, wat eis als Demokratesch Partei awer gradesou wichteg ass, ass, datt all Hiewelen a Bewegung gesat ginn, fir d'Demandeurs d'emploi a Brout an an Aarbecht ze bréngen. Dofir si mir frou, dass d'Regierung gewëllt ass, d'Reform vun der ADEM virunzeféieren. Mir si frou, dass d'Bekämpfung vun der Aarbechtslosegkeet eng politesch Prioritéit bleift. Well hannert deene plakegen Zuele verstoppt sech all Kéiers e perséinlecht Drama, e perséinlecht Schicksal, an dat souwuel fir den eenzelne Betreffene wéi a ville Fäll och fir seng ganz Famill.

Ganz speziell läit eis de Jugendchômage um Häre. D'Jugendarbeitslosigkeit ass a muss de Schwéierpunkt vun eiser Beschäftegungspolitik bliwen. Och wa mer hei zu Lëtzebuerg keng Explosioun wéi a verschiddeene südeuropäesche Länner vun deem Phänomeen hunn, sou ass et wichteg, d'Grënn vum Jugendchômage genau ënnert d'Lupp ze huelen an effikass ze bekämpfen.

Näischt ass méi schlëmm fir eng Gesellschaft, wéi wann hir jonk Leit keng Aarbecht fannen. Do geet d'Selbstwäertgefill vun enger ganzer Generatioun verluer, an dat biergt soziale Sprengstoff an Ongerechtegkeeten, déi mir net einfach esou dierfen hinhalen. Mir kënnen, jo mir däreft keng verluer Generatioun erluben!

Wa mir de Problem vum Jugendchômage effektiv wëllen ugoen, muss mer en un der Wuerzel upaken. Un der Wuerzel heescht an der Schoul! Also an enger besserer Ausbildung a Bildung fir eis Jonk. Hei hapert et awer virun allem an der Berufsausbildung, wou de Moment nach villes schif- a falschleeft! Hei gëllt et, séier ze handeln. A mir ware frou, ze héieren am Statsminister senger Deklaratioun, dass d'Berufsausbildung eng vun deene grouse bildungspolitesche Prioritéiten vun där neier Regierung soll duerstellen.

Dëst gesot, ginn ech den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei zu deem Projet de loi a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci, Madame Elvinger. D'Wuert huet sech gefrot d'Madame Viviane Loschetter.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Jo, just zwee Wieder, fir dem Rapporteur Merci ze

soen a fir ze soen, datt déi gréng Fraktioun dëse Projet wäert stëmmen, mat enger Remarque.

Mir hunn effektiv och all déi aner Joren ëmmer bemängelt, datt dat Mesurë sinn, déi vu Joer zu Joer ëmmer weider matgehall gi sinn. Elo hu mer effektiv zwee Joer Zäit, fir dat ze maachen, wat mer eis och virgeholl hunn, nämlech déi eenzel Mesuren ze evaluéieren, dat ze halen, wat gutt ass, dat ze stabiliséieren, wat gutt ass, dat ze adaptéieren, wat adaptatiounsnoutwendeg ass, an déi Mesuren, déi mer vläicht - Gott sei Dank! - dann net méi géife brauchen oder déi vläicht net an der Evaluatioun esou gutt ofgeschnidden hunn, déi da vläicht éischter net méi weiderzeféieren.

Soudatt dat hei elo wierklech e Projet ass mat senger temporärer Adaptatioun, déi eis Zäit léisst, fir dat ze maachen, wat mer ons oder wat d'Regierung sech am Regierungsprogramm virgeholl huet.

► **M. le Président.** - Merci, Madame Loschetter. Leschte Riedner ass den Här Serge Urbany. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Merci, Här President. Dee Projet de loi hei gesäit jo bekanntlecherweis dräi Mesurë vir. Zwou sinn eng Fortsetzung vun de Krisemoosnamen, déi Enn vun deem Joer ausgelaf wieren; fir weider zwee Joer gi se fortgesat. Dat betrëfft éischten de Chômage partiel, dat heescht, d'Indemnisation vun de Salariéen, déi an esou engem Chômage partiel sinn, wou, wéi et am ursprénglechen Text war, déi éischt 16 Stonne vum Chômage partiel zu Laaschte vun de Patronen gaange sinn, wou awer 2009 beschloss ginn ass, an dat gëtt elo prorogéiert bis 2015, dass se zu 100% vum Stat iwwerholl ginn.

Eng weider Moosnam ass, dass keng Subventionen ausbezueelt solle ginn - esou gesäit den Text et vir vum Gesetz ursprénglecherweis -, wann Aarbechtszäitreduktiounen virleien, déi méi wéi 50% ausmaachen. Och do ass eng Derogatioun geschafe ginn am Intérêt vun deene Betriben, déi déi Aarbechtszäitreduktiounen virhuelen. Bis elo war et vun 2009 un, leeft elo weider bis 2015.

An dann eng zweet Measure, dat betrëfft d'Chômage-Indemnitéite fir d'Leit also, déi am Chômage sinn, wou eng Senkung vu Plaffongen ursprénglech virgesi war, déi awer elo, wéinst der Krisituatioun, solle bliwen.

Déi drëtt Moosnam ass eng Äntwert op eng Mise en demeure vun der Europäescher Kommissioun wéinst der Netëmsetzung vun engem Deel vum Accord vun den europäesche Sozialpartner iwwert d'Deelzäitaarbecht. An déi Ëmsetzung, déi elo endlech geschitt, mécht et da méiglech, dass an de Betriben d'Leit, déi en CDD hunn, iwwerhaupt emol informéiert ginn, wann eng Plaz an engem CDI opgeet.

An am Fong geholl gëtt domat de Prinzip aus dem Code du Travail bestätegt, dass den CDD eng Ausnahm ass par rapport zum CDI. Dat ass deen allgemenge Prinzip, deen domadder endlech och iwwer esou eng Measure, déi natierlech net ganz wäitgehend wäert sinn, well et nëmmen eng einfach Informatiounspflicht natierlech ass, hei ëmgesat gëtt.

Wat d'Krisemoosnamen ugeet, sou hu mir eis ëmmer bei deenen enthalten, aus enger ganz einfacher Ursach: Éischten kënnen mer net dergéint sinn, well et betrëfft d'Salariéen, déi dovunner profitéieren. Déi kréie Chômagegeld bezuelt, déi kréien och Geld bezuelt, wann hire Betrib am Chômage technique ass.

Zweetens muss een awer och wëssen, dass d'Fro vun der Verantwortung vun de Patronen an esou Fäll gestallt bleift. Zum Beispill iwwert de Wee vun engem Krisefong, dee kéint vun der Gesamtheit vun de Patronen ugeluecht ginn, fir wann esou Situatiounen sech bei engem Deel vun de Betriben stellen.

Oder zum Beispill doduerch, dass d'Cotisation fir de Fonds pour l'Emploi, déi jo virun enger Rei vu Joren op null gesat ginn ass, erëm agefouert gëtt an also do och d'Patronat géif responsabiliséiert gi fir de Chômage.

Et ass einfach, ëmmer zréckzegräifen op de Stat, an da gläichzäiteg ëmmer ze soen, et missten ze vill Steiere bezuelt ginn an d'Steiere missten erofgesat ginn!

Mir si mat der Ëmsetzung vun der Direktiv hei d'accord; déi Moosnamen, déi ech elo just genannt hunn.

Wat d'Uni Lëtzebuerg awer ugeet a wat d'Recherche ugeet, do deelen ech allerdéngs net dem Rapporteur seng Meenung. Ech bliwen do der Meenung, dass d'CDD bei der Universitéit an och an de Centres de recherche, och well se gebonne sinn u begrenzte Finanzéie-



rungsmoosnamen, dat vun der Europäescher Unioun, déi domadder zesummenhänken, dass déi problematesch bleiwen an dass se och a ganz ville Fäll net gewénst sinn.

Ech mengen net, dass et esou ass, dass vill Chercheure guer net wëllen, dass hiren CDD prolongéiert gëtt. Ech mengen, dass vill Leit frou wieren, wa se eng méi gesécher Aarbechtsplaz, och an deem Beräich, hätten a wann et net géif zu där akademescher Précaritéit kommen, déi awer och eng Realitéit ass.

Ech mengen, Dir hutt elo eraushéieren aus mengen Erklärungen, dass mir eis wäerte bei deem Gesamtprojet hei enthalen.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Urbany. Domat huet d'Regierung d'Wuert, den Aarbechtsminister, den Här Nicolas Schmit.

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.**- Merci, Här President. Ech soen emol fir d'Éischt dem Rapporteur Merci an all deenen, déi och deemem Projet hir Zoustëmmung ginn.

Ech wëll just zwou Remarquë maachen iwwert de Provisorium: Ech mengen, déi Mesuren hei, déi situéiere sech an engem ganz kloere Kontext, an dat ass de Kontext vun enger Kris. De Kontext, wou op eemol Leit méi laang am Chômage bleiwen, wéi se virdru bliwwen sinn.

Mir hunn zum Beispill elo 2.800 Leit, déi tëschent engem Joer an zwee Joer schonn am Chômage sinn. An dat hei ass d'Äntwert, fir deene Leit d'Méiglechkeet ze ginn, e bësse méi, e bësse bessere Chômage ze behalen.

Ech kéint mer jo och virstellen, ech hoffen op jidde Fall, datt iergendwann d'Situatioun sech verbessert an datt mer dann erëm an déi normal Situatioun vun de Seulen, wat d'Indemnitiatioun vum Chômage ubelaangt, géifen zrëckkommen. Mä soulaang eben de Chômage sech iwwert d'Durée ëmmer méi verlängert, ass dat hei jo eng Äntwert op déi Situation de crise.

An dat, wat de Chômage partiell ubelaangt, ass genau déi nämlech Situatioun. Och do ass de Problem, datt éischters d'Zuel vun den Entreprises, déi am Chômage partiell sinn, erëm eropgaangen ass an datt mer e spezifesch Problem hu vun Entreprises, déi a strukturelle Schwierigkeeten sinn, wou also e Chômage partiell wéinst strukturelle Problemer ass.

An ee Sektuer, deen direkt betraff ass, dee kenne mer, mir schwätze vill momentan dovun, dat ass d'Sidérurgie. Wa mer also déi heite Situatioun, déi mer jo nëmme fir ee Joer verlängeren, andeem déi Situatioun och deem Rechnung dréit, well mer en Accord hu mat de Sozialpartner an deem Sektuer, soll een ebe grad net dat definitiv maachen, mä kucken, wéi an deene Beräicher d'Situatioun evoluéiert. A mir hoffen alleguer - mir hoffe jo alleguer -, datt mer progressiv aus där Kris hei erauskommen an datt mer dann erëm op méi normal Instrumenter kënne zrëckkommen.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Aarbechtsminister.

Domat si mer um Enn vun der Diskussioun an ech géif de Vote iwwert de Projet de loi 6594 lancéieren.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6594 et dispense du second vote constitutionnel

De Vote ass amgaangen. D'Procuratioun.

Huet jiddwereen ofgestëmmt? Dat schéngt de Fall ze sinn. Enn vum Vote.

De Projet de loi 6594 ass ugehall mat 57 Joestëmme an 2 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Nancy Arendt), Nancy Arendt, MM. Émile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker, Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Félix Eischen);

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beisel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Losché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser (par M. Gast Gibéryen) et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ech ginn dovun aus, dass déi Abstentiounen motivéiert gi sinn.

Domat ass dee Projet ugehall an ech géif d'Chamber froen, ob se d'accord ass, fir d'Dispens vum zweete konstitutionelle Vote ze ginn.

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou beschloss.

Mir géifen dann zum nächste Projet de loi kommen. Dat ass de Projet de loi 6606, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Ënnerstëtzung am Beräich vum Développement rural. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell geregelt an de Rapporteur, den Här...

► **Plusieurs voix.**- Mertens!

► **M. le Président.**- ...den Här Mertens, huet d'Wuert.

Merci. Merci och fir d'Gedold.

8. 6606 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 18 avril 2008 concernant le renouvellement du soutien au développement rural

Rapport de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture, du Développement rural et de la Protection des consommateurs

► **M. Edy Mertens (DP), rapporteur.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi, iwwert dee mer elo de Mëtteg hei schwätzen, ass den 30. August d'lescht Joer vum deemolege Landwirtschaftsminister déposéiert ginn. Et geet dobäi ëm Ännerunge vum Agrargesetz, wéi et den 18. Abrëll 2008 festgehale gouf.

D'Lëtzebuurger Bauerenzentral huet hiren Avis den 29. Juli dëst Joer publizéiert. Den Avis vun der Landwirtschaftskummer ass den 8. August 2013 komm. De Statsrot huet säin Avis de 24. September 2013 erausginn.

De 26. September huet déi zoustänneg Kommissioun de Gesetzesprojet an den Avis vum Statsrot analyséiert. D'Regierung huet den 18. November 2013 Amendementer un de Statsrot weiderginn, deen dunn de 26. November säin Avis complémentaire dozou ginn huet. Dësen Avis huet sech d'Kommissioun den 10. Dezember ugekuckt. De Rapport ass dunn den 12. Dezember an der Kommissioun eestëmmege ugehall ginn.

Här President, eis Landwirtschaft steet fir qualitativ héichwäerteg Produiten a fir d'Erhale vun eiser Natur, mä och fir en nohaltegen Émgang mat eise Ressourcen. D'Agrargesetz stellt sécher, dass eis Baueren hir Aarbecht mat der néideger Ënnerstëtzung ugoe kënnen.

Et ass awer elo esou, dass dës Subsiden um Enn vun deem Joer auslafen, well et zu Retarde bei der Ausschaffung vun der europäescher Gesetzgebung komm ass. Well eis Mesuren, fir d'Baueren ze ënnerstëtzen, awer op dëser opgebaut sinn, sti mer ouni Interventioun vum Législateur virun engem Vide juridique. Mir mussen also sécherstellen, dass eis Baueren och am nächste Joer Rechts- a Planungssécherheet hunn an domadder hir Aktivitéit esou weiderféiere kënnen wéi bis elo.

De Mëtteg geet et elo drëms, dem Législateur et ze erlaben, verschidde Mesurë vum aktuellen Agrargesetz an der Zäit ze verlängeren. Den Artikel 63 vum Agrargesetz gesäit vir, dass d'Mesurë vum Gesetz eng Lafdauer vu siwe Joer hunn, an dat vum 1. Januar 2007 un. Dat heescht, dass mer ab dem 1. Januar d'nächst Joer - a wéi Der all wësst, ass dat geschwënn, a knapps zwou Wochen - keng legal Basis méi hunn, fir eise Baueren hir Hëlfelefen ausbezuelen ze kënnen. De Législateur ass an deem Sënn gefuerdert, ze reagéieren, an dat nach virum Enn vun deem Joer. Verschidde Mesurë sollen also an der Zäit verlängert ginn.

Här President, d'Landwirtschaftskummer war an hirem Avis domadder averstanen, verschidden Dispositiounen vum Agrargesetz ze verlängeren. Si huet awer drop higewisen, dass d'Mesurë vun den Article 36 a 37 och ëm sechs Méint verlängert sollte ginn. Dës Articlele schreibe steierlech Virdeeler fir jonk Baueren, wa si eng Entreprise ufänke wëllen, vir. Well am Gesetzesprojet d'Mesuren aus den Artikelen 9

bis 11 ëm sechs Méint verlängert solle ginn, déi sech ebenfalls mat der Nidderloossung vun de jonke Bauere beschäftegen, sollten also och dës Articlele genausou ëm sechs Méint verlängert ginn.

Dës Forderung ass d'Regierung an hiren Amendementer nokomm. Och huet dësen Avis virgesinn, fir d'Mesuren aus dem Artikel 21 ze verlängeren. Dës betrëfft d'Entreprises de transformation et de commercialisation.

Am Avis vum Statsrot goufen haaptsächlech zwou Froen opgeworf. Zum enge wollt de Statsrot wëssen, awéiwäit dës Gesetzesprojet mat der europäescher Gesetzgebung kompatibel wier, an zum aneren huet de Statsrot méi Informatiounen verlaangt, wat d'Ënnerscheeder an der Zäit vun der Verlängerung ugin. Hien huet sech gefrot, firwat een net d'Mesurë vun all deenen opgezielten Artikelen ëm zwielef Méint verlängere kéint.

Am Avis complémentaire ass de Statsrot nach eng Käier op déi zwou Froen aus sengem éischten Avis agaangen. D'Explikatiounen am Zesummenhang mat der Fro vun der Kompatibilitéit mat der europäescher Législatioun goufen als ongenügend ugesinn. De Statsrot huet an där Matière der Chamber d'Appréciatioun iwwerlooss.

Wat déi selektiv Approche ugeet, do huet de Statsrot déi weider Explikatiounen ugehall. Dës Ënnerscheeder nämlech an der Zäit vun der Verlängerung sinn néideg, fir ze vermeiden, dass mer ab dem November 2014 ee Konflikt mat der „block exemption“ bei de Statsbäihëllefe kréien, déi Lëtzebuerg vun der Europäescher Kommissioun am Zesummenhang mat den Investitiounsmesuren zougesprach kritt huet. An, anere Wieder gesot, mir kënnen net eng Hëllef bis Enn 2014 lafe loossen, wa se ab November hire legale Status verléiert.

Här President, ech ginn elo dee virleienden Text duerch a ginn op déi eenzel Artikelen an.

Zum Titel ass ze soen, dass de Statsrot am Avis een aneren Titel virgeschloen hat, ënnert der Hypothese, dass all d'Mesuren aus deenen opgezielten Articlele fir zwielef Méint verlängert géife ginn. Well dat jo awer net de Fall ass, bleift et beim Titel, esou wéi de Gesetzesprojet dat beim Dépôt virgesinn hat. Domadder war de Statsrot am Avis complémentaire och d'accord.

Deen éischten Artikel vum Gesetzesprojet lëschet fir d'Éischt déi Articlele vum Agrargesetz op, deenen hir Mesurë fir sechs Méint verlängert solle ginn. Dat si folgend: Investitiounssubsiden, dat ass den Artikel 3 bis 8; Subside fir Jongbaueren, Artikel 9 bis 11; steierlech Erliichterunge bei verschiddenen Transaktiounen, 12 an 13; Subside fir lokal Veräiner, Artikel 15, an eben déi steierlech Virdeeler fir jonk Baueren, wa si eng Entreprise wëllen ufänken, dat sinn déi Articlele 36 a 37.

Da lëschet den Artikel 1 vum Gesetzesprojet déi Artikelen op, deenen hir Mesurë fir zwielef Méint verlängert solle ginn. Dat ass d'Hëllef wat d'Chargé vun de Fraisë bei der Entraide ugin, Artikel 14 vum Agrargesetz; Subside fir d'Verbesserung vun der Berufsausbildung, Artikel 17; a fir déi landwirtschaftlech Vulgarisatioun a Recherche, Artikel 18; Hëllef bei der Berodung, Artikel 19; d'Indemnité compensatoire, Artikel 24; Hëllef bei der Opstellung vu Programmer fir d'Biodiversitéit ze erhalen, Artikel 26; d'Subside fir Restrukturatioun an der Rekonservatioun vu Wéngerten, Artikel 31; Hëllef fir d'Sylviculture, also de Bësch, Artikel 32 bis 34; an déi bestehend Subsiden am Kader vun de Mesures agri-environnementales, dorënner och d'Landchaftsfleegeprime, wéi den Artikel 25 dat virgesäit, an déi den 31. Dezember 2013 och auslafen.

Den éischten Artikel vum virleiende Gesetzestext gesäit da vir, dass d'Modalitéiten, wat d'Recevabilitéit vun den Demandë fir dës Subsiden ugeet, duerch e Règlement grand-ducal festgehale ginn. Dës kann och een Datum als Délai vun der Recevabilitéit vun der Demande virgesinn, dee virum dem Datum vum Auslaf vum der Mesure ass. Souwuel am Avis wéi am Avis complémentaire steet de Statsrot dës Formulatioun kritesch géigeniwwer.

Den zweeten Artikel vum Gesetzesprojet, wéi en am August déposéiert gouf, huet den 1. Januar 2014 als Datum genannt, op deem dat neit Gesetz a Kraaft triede soll. Dësen Artikel ass awer ewechgefall, well de Statsrot dësen am aktuelle politesche Kontext als iwwerflësseg ugesinn huet.

De viregten Artikel 3 gëtt also elo den Artikel 2 vun deem Gesetzesprojet. Dës gesäit vir, dass d'Règlements grand-ducaux, déi fir d'Exeku-

tioun vum Agrargesetz an der Vergaangenheet geholl gi sinn, weider a Kraaft bleiwen, ënnert der Konditioun, dass se net inkompatibel mat den Dispositiounen vum virleiende Gesetzesprojet sinn.

Här President, ech wëll dann op dës Plaz souwuel deem fréiere wéi och deem jëtzege Landwirtschaftsminister Merci soe fir déi gutt an effikass Zesummenaarbecht mat der Chamber, déi et eis erlaabt, dës Gesetzesprojet nach dëst Joer abauen ze loossen.

Dat gesot, a mat der Hoffnung, dass d'Chamber deemem Gesetzesprojet hir breet Zoustëmmung ausschwätzt, bréngen ech heimadder och den Accord vun der DP-Fraktioun zum virleienden Text.

Ech soen lech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Mertens. Nach eng Käier, entschëllegt fir mäin Zécken. Dir waart en Affer gi vun der moderner Technik copy-paste. Et war ee Rapporteur hei niddergeschriwwen, wou ech mer net konnt virstellen, dass en et zu deemem Projet wär. Dat war de Georges Engel. Här Mertens, nach eng Käier...

► **M. Georges Engel (LSAP).**- Traut Der mir dat net zou?

► **Une voix.**- Jo!

► **M. le Président.**- Dach. Mä ech ginn lech an eng aner Regioun vum Land sichen. Iwwregens: Schéin, dass d'„Woschen“ erëm hei sinn!

(Hilarité)

Dann zu den ageschriwwene Riedner: Éischt Riednerin ass d'Madame Martine Hansen. Madame Hansen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 6606, iwwer - vereinfacht gesot - d'Verlängerung vum aktuellen Agrargesetz, wat den 31.12.2013 ausleeft, ass eng absolut Prioritéit fir d'CSV-Fraktioun.

Sou wéi schonn d'Agrargesetz vun 2007 bis '13 net konnt mat Zäit fäerdeg sinn, sou ass och dat neit Agrargesetz vun 2014 net mat Zäit fäerdeg. Eng Verlängerung vum bestehenden Agrargesetz ass also éischters absolut erfuerderlech an zweetens absolut dréngend erfuerderlech.

Mir kéinten elo laang diskutéieren, firwat eenzel Moosnamen net verlängert gi sinn, firwat aner Moosname fir sechs Méint verlängert gi sinn an aner och nach fir zwielef Méint verlängert gi sinn. Dat maache mer awer net, well mer gären hätten, datt d'Baueren esou séier wéi méiglech Gewëssheet kréien.

Mir begrëssen ausdrécklech, datt d'Avantages fiscaux am Kader vun der Installéierung vun de jonke Baueren nach nodréiglech bei der Verlängerung mat berücksichtegt gi sinn. An aus dëse verschiddene Grënn gëtt d'CSV-Fraktioun hiren Accord zu deemem Projet de loi.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vun der CSV-Fraktioun wëll ech awer nach ausdrécklech drop hiweisen, datt deen neie PDR an dat neit Agrargesetz an den éischte Méint vum nächste Joer fäerdeggestallt musse ginn. Eis Baueren, Wénzer, Gäertner, eise ländleche Raum, eis Veraarbechtungsbetriber - déi sinn iwwregens net mat bei der Verlängerung berücksichtegt - brauche Planungs-sécherheet. Well och wann ee ka retroaktiv op den 1. Januar 2014 Saachen ausbezuelen, wat jo virgesinn ass, esou ass et awer leider net méiglech, retroaktiv ze plangen an nach vill manner retroaktiv ze handeln.

D'Betriber mussen awer fir hir Zukunft plangen. An dat geet nëmme, wann ech dat kann esou ausdrécken, „wann een d'Konditiounen vun der Stee kennt“. Si musse wëssen, wat déi laut Regierungserklärung vum leschten Dënschdeg „modern Weeër fir d'Landwirtschaft“ sinn, a wéi enger schwiereger Transformationsphas eis Landwirtschaft sech am Moment befënnst respektiv wouhinnet datt se sech missten transforméieren, wéi déi vun lech beschriwwen modern, performant an innovativ Landwirtschaft soll ausgesinn a virum allem, wéi eng Auswierkungen dës Punkten op dat neit Agrargesetz sollen hunn.

Dofir - nach eemol - muss dat neit Agrargesetz séier fäerdeggestallt ginn a mir wënschen eis